N°8137
Entrée le 29.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 8137 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

**Ad 1)**

Ech bieden ëm Versteesdemech, datt de Ministère net kann zu Eenzelfäll Stellung bezéien. Am Allgemenge sief awer gesot, datt Virwërf, déi engem Beamten oder engem Employé vum Staat am Kader vun enger disziplinarescher Prozedur gemaach ginn, duerch präzis Fakte musse beluecht sinn. Dëst kënnen zum Beispill och Aussoe vu Concernéierte sinn, déi eng sougenannten „attestation testimoniale" maachen. Wann et sech dobäi em Mannerjäreger handelt, ginn dës vun hiren Eltere begleet an assistéiert.

Am Fall, op deen déi honorabel Deputéiert sech bezitt, hunn d'Vertrieder vun den Eltere bei Geleeënheet vun enger rezenter Entrevue déi uewe genannten Informatiounen an Explicatioune kritt.

**Ad 2)**

Wann et zu Mobbingfäll kënnt, sou spillen déi gesetzlech verankert disziplinaresch a strofrechtlech Prozeduren.

**Ad 3)**

Nom modifizéierte Gesetz vum 30. Juni 2023 iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën huet den Délégué à la protection des élèves (DPE) – deen oder déi innerhalb vum Personal vun de SePAS oder den SSE designéiert ginn – den Optrag, als Referenzpersoun fir d'Fachleit vun de Lycéeë souwéi och fir d'Schüler, déi Affer oder Zeie vun enger Gewaltsituatioun gi sinn, ze fungéieren.

Den DPE huet laut Gesetz déi follgend Aufgaben:

1° de Schutz vun de Rechter vum Schüler an d'Preventioun vun all Form vu Mëssbrauch ze férderen;

2° déi éischt Ulafstell ze si fir Berodung an Ënnerstëtzung vun der ganzer Schoulgemeinschaft an den Elteren, mam Zil fir d'Schüler virun all Form vu Mëssbrauch ze schützen;

3° all Fachleit aus der Schoulgemeinschaft ze informéieren an ze beroden, wéi ee mat Informatiounen a Situatiounen ëmgeet, déi d'Wuelbefannen oder d'Rechter vun de Schüler a Gefor bréngen, souwéi och am Kontext vun der Transmissioun vun dësen Informatiounen un d'Justizautoritéiten;

4° den Acteuren aus der Schoul déi néideg Konzepter a Weiderbildungen zur Verfügung ze stellen.

D'Funktioun vum DPE ass eng Funktioun, déi d'Expertis an d'Aufgabe vum psychosoziale Personal am Beräich vum Afferschutz formaliséiert a méi siichtbar mécht fir d'Acteuren aus der Schoul.

D'Funktiounsbeschreiwung vum DPE, déi ab der Rentrée 2023-2024 wäert a Kraaft trieden, beschreift déi divers Aufgaben vum DPE am Kontext vun enger "wholeschool approach", déi vum DPE initiéiert, ënnerstëtzt, entwéckelt an ëmgesat gëtt, sief et an der Ënnerstëtzung vum Jonken a senger Famill, an

der Entwécklung vun der interner Zesummenaarbecht am Lycée, an der Zesummenaarbecht mat de Familljе souwéi och an der Qualitéitsentwécklung vun der psychosozialer an der pädagogescher Praxis.

Am Fall vun enger Plainte an/oder engem Signalement, informéiert den DPE d'Affer a seng Famill iwwer hir Rechter an de Verlaf vun der Prozedur a begleet se wann néideg. Op Basis vun enger gemeinsamer Aschätzung am multidisziplinären Team ënnerstëtzt den DPE all Etapp vun der Interventioun. Hien ass och zoustänneg fir präventiv eng “Culture de Bientraitance” am Lycée anzeféieren, ënner anerem mat Hëllef vun engem Verhalenskodex bezüglech der Protektioun vun de Schüler. Am Dialog mat de Familljen an an Zesummenaarbecht mam Elterecomité wäerten hir Besoinen zum Thema “Bientraitance” erfaasst an a Betruecht gezu ginn.

Well et d'Zil ass, d'Affer ze ënnerstëtzen a seng Rechter ze schützen, ginn all Situatiounen, egal ob d'Iwwergrëff baussent oder bannent der Schoul geschitt sinn, an och onofhängeg vun der Funktioun vum Auteur (Schüler, Enseignant oder Member vum Personal vum Lycée), individuell an un d'Situatioun ugepasst behandelt.

Lëtzebuerg, den 29. August 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH